N° 6573
Entrée le 29.07.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 29.07.2022

Lëtzebuerg, den 29. Juli 2022

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung weiderzeleeden:

*„ An der Press hu rezent Vertrieder vun diversen Déiereschutzorganisatioune behaapt, datt d'Déiereschutzgesetz vun 2018 zwar gutt wier, mä datt et net géing zefriddestellend ëmgesat ginn.*

*Des weidere goufe mer gewuer, datt déi véier Déierenasyler, déi de Moment am Land funktionéieren, iwwerlaascht wieren. Fir méi Plaz zur Verfügung ze hunn, wiere bestehend Gebailechkeeten den aktuelle Besoinen ugepasst ginn. Et bräicht een awer zousätzlech an adequat Infrastrukturen, besonnesch am Norde vum Land, wou et, mat Ausnam vu Privatinitiativen, iwwerhaapt keng Opfankstrukture géif ginn. Gleeft een den Déiereschützer, sou misst op d'mannst eng Opfangstatioun amenagéiert ginn.*

*An deem Zesummenhang wollte mir dem Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung folgend Froe stellen:*

1) *Deelt den Här Minister d'Opfaassung vun den Déiereschützer, datt dat aktuellt Déiereschutzgesetz net adequat ëmgesat gëtt?*
2) *Ass den Här Minister am Detail iwwer d'Situatioun an den Asyler informéiert a kann hien d'Bedürfnisser quantifizéieren?*
3) *Ass de Landwirtschaftsministère bereet fir zesumme mat den Organisatiounen an de Gemengen eng weider*

*Opfankstruktur am Norde vum Land ze fannen, fir sou op déi sëllegen Demanden ze äntweren?“*

Mat déiwem Respekt,

Gusty GRAAS
Deputéierten

André BAULER
Deputéierten

N°6573
Entrée le 30.08.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

**Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 6573 vun den éierbaren Deputéierten Gusty Graas an André Bauler**

**1. Deelt den Här Minister d'Opfaassung vun den Déiereschützer, datt dat aktuellt Déiereschutzgesetz net adequat ëmgesat gëtt?**

D'Déiereschutzgesetz vum 27. Juni 2018 gesäit eng ganz Partie Moossnamen a Restriktioune vir, déi et virun dem Gesetz net gouf, mat dem Ziel, d'Déierewuel hei am Land ze verbesseren. All Dag sinn dofir d'Fonctionnaire vun deene verschiddenen zoustännege Verwaltungen am Asaz fir d'Gesetz am Sënn vum Déierewuel ëmzesetzen.

**2. Ass den Här Minister am Detail iwwer d'Situatioun an den Asyler informéiert a kann hien d'Bedürfnisser quantifizéieren?**

Den Här Minister ass sech der Problematik vun den, virun allem am Summer, iwwerfëllten Asyler bewosst. Nei Asyler kënnen déi aktuell Situatioun entspanen, wäerten awer keng laangfristeg Léisung si fir den Afflux an d'Asyler ze stoppen. Eng gewëssen Eegeverantwortung vun de Bierger ass noutwenneg, fir de Problem léisen ze kënnen.

**3. Ass de Landwirtschaftsministère bereet fir zesumme mat den Organisatiounen an de Gemengen eng weider Opfankstruktur am Norde vum Land ze fannen, fir sou op déi sëllegen Demanden ze äntweren?**

De Landwirtschaftsministère ass bereet, Demandë fir een neien Asyl hei am Land ze ënnerstëtzen, sou wéi dat och an der Vergaangenheet ëmmer de Fall war.

Lëtzebuerg, den 30. August 2022

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN